Modèle sans débat ze maachen, ginn ech dovun aus, datt och näischt deem entgéintschwätzt, dass mer dat hei à l'unanimité kéinte stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wolter, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Da froen ech d'Regierung, ob si wëllt e puer Wuert dozou soen. Här Finanzminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Ech wëll den Debat sécherlech net verlängeren. Et war just gefrot gi vum Här Fayot an der Finanz- a Budgetskommissioun, wat den Handelsvolume wier mat deenen zwee Länner, dat heescht engersäits San Marino an anerersäits Georgien.

An ech hunn hei d'Zuele vum Statec. Stand de 15. Abrëll 2024 sinn d'Importer, déi aus San Marino kommen, bei ronn 45 Milliounen Euro an d'Exporter vu Lëtzebuerg aus bei ronn 3 Milliounen Euro. Dat ass fir San Marino. An duerfir leien déi op der 93. Plaz vun eisen Handelspartner.

A fir Georgien, do leien d'Importer zur selwechter Zäit, also 2024, Stand 15. Abrëll, bei ronn 6 Milliounen Euro an d'Exporter vu Lëtzebuerg bei ronn 16 Milliounen Euro. An duerfir ass Georgien op der 118. Plaz vis-à-vis vu Lëtzebuerg weltwäit.

Ech soen dem Rapporter, dem Michel Wolter, villmools Merci fir de gudde Rapport an och déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten zwëschent der Regierung an der Chamber an dësen zwee Dossieren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Finanzminister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet dann ofgeschloss.

An da géing ech de Vott zu dem Projet de loi opmaachen. Ech ginn elo dovunner aus, datt Der alleguer ageloggt sidd.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8666 et dispense du second vote constitutionnel***

An da maachen ech de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm an 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 5. 8667 – Projet de loi portant approbation du Protocole modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Géorgie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, fait à Luxembourg, le 3 juillet 2025

An da komme mer zum Projet de loi 8667, dem Ëmsetze vun engem Protokoll tëschent Lëtzebuerg a Georgien iwwert d'Duebelbesteierung. Dee selwechte Riedemodell wéi virdrun an och dee selwechte Rapporteur wéi de Projet virdrun. Dann huet den honorabelen Här Michel Wolter nach eng Kéier d'Wuert. Här Wolter.

***Rapport de la Commission des Finances***

**M. Michel Wolter** (CSV), rapporteur | Här President, mir kommen dann zum 118. Handelspartner vu Lëtzebuerg, nämlech Georgien. Och do hu mer en Netduebelbesteierungsofkommes, wat aus deem selwechte Joer, vun 2007, datéiert. A bei deem Projet 8667 geet et dann drëm, de Protokoll zur Konventioun iwwert d'Ofschafe vun der Duebelbesteierung ze approuvéieren.

De Protokoll zur Konventioun ass den 3. Juli 2025 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn a gëtt elo dann haut der Chamber ënnerbreet. Mat dësem Gesetzesprojet passe mir déi aktuell Konventioun un all international Standarden un. Mir hate schonn ëfters esou Projet-de-loien. An hei geet et ganz konkreet dann ëm den Artikel 27 vun der Konventioun, deen den Echange vu Renseignementer tëschent Georgien a Lëtzebuerg reegelt.

Wat elo d'Prozedur betrëfft, ass de Projet de loi den 10. Dezember 2025 vum Ausseminister deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 20. Januar 2026 ofginn, hat keng Umierkungen zum Fong vum Projet, just, wéi an deem Projet virdrun, eng Reformulatioun vum Intitulé. Och där ass d'Finanzkommissioun nokomm. De Rapport zu dësem Projet de loi 8667 ass an der Kommissiounssitzung vum 30. Januar 2026 ugeholl ginn.

Domadder hätt ech meng Hausaufgabe fir de Mëtte gemaach an ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Wolter Merci fir déi Hausaufgaben a fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport.

An da froen ech, ob d'Regierung eppes wëllt soen. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da wäre mer um Schluss vun der Diskussioun iwwert dëse Projet ukomm.

An ech géing och dëse Projet de loi zum Vott stellen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8667 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. 8175 – Projet de loi introduisant un plafond sur les recettes excédentaires issues du marché des producteurs d'électricité

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8175 iwwert d'Aféierung vun engem Plaffong op den Iwwerschëss vum Marché vun den Elektricitéitsproduzenten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Rapportrice huet 10 Minutten, jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit 5 Minutten, d'Regierung 10. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, den Här Georges Engel, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann.

***Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme***

**Mme Carole Hartmann** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zënter der Energiekris huet Europa säin energeetescht Approvisionnement staark misse veränneren, besonnesch wat den natierleche Gas ugeet.

Trotz de groussen Efforten op europäeschem Niveau duerch méi Stockage, eng Diversifikatioun vun den Energiesourcen, Investissementer an déi erneierbar Energien an och e méi bewossten a spuersamen Ëmgang mat der Energie huet d'Reduktioun vun der Offer zu dauerhaft héijen an extreem volatillen Energiepräisser gefouert.

Den natierleche Gas spillt eng zentral Roll an der Produktioun vun der Elektricitéit, virun allem wann et zu Picken an der Demande kënnt. D'Hausse vun de Gaspräisser huet sech dofir direkt op de Stroumpräis an

der ganzer Europäescher Unioun ausgewierkt. Dës Entwécklung huet zu engem staarken Desequiliber tëschent de Konsumenten an de Produzente gefouert.

Op der enger Säit hunn d'Stéit an d'Betriber eng héich finanziell Belaaschtung missen droen. Op der anerer Säit konnten eenzel Elektricitéitsproduzenten exceptionnel Benefisser realiséieren. Besonnesch d'Produzenten, deenen hir Käschtestruktur nëmme wéineg variabel ass, wéi bei der Wandkraaft, der Hydroelektricitéit oder der Offallverbrennung, hu ganz héich Benefisser erwirtschaft, déi hir ursprénglech Erwaardunge wäit iwwertraff hunn.

Wéinst dëser exceptionneller Situatioun huet d'EU d'Reglement 2022/1854 adoptéiert. Dëst gesäit nämlech e Plafonnement vun de Recettë vum Maart vun den Elektricitéitsproduzente vir, esouwéi och eng Redistributioun vun den exzessive Benefisser, fir d'Konsumenten ze ënnerstëtzen.

Dëse Gesetzestext, deen elo gläich zum Vott steet, soll also déi verschidde Modalitéite vun der Applikatioun vun dësem Reglement zu Lëtzebuerg en place setzen. Dat betrëfft ënner anerem de Champ d'application, d'Berechnungsmethod vun de Recetten, d'Plaffongen, déi applizéiert ginn, déi administrativ Prozeduren an d'Affektatioun vun der Contributioun.

Wéinst dem extraordinäre Charakter vun der Energiekris ass dës Mesür zäitlech limitéiert a gëtt retroaktiv vum 1. Dezember 2022 bis den 31. Dezember 2023 applizéiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ekonomiekommissioun huet zu dësem Gesetzesprojet dräi Avisen a véier Avis complémentaires erakritt.

Dem Staatsrot säin Avis krute mir den 13. Juli 2023. An dësem huet de Staatsrot eng Rei Oppositions formelles ausgeschwat. Dobäi gouf d'Fro iwwert déi juristesch Qualifikatioun vun dëser Contributioun opgeworf, well dës weeder als Taxe rémunératoire nach als Retributioun qualifizéiert ka ginn. De Staatsrot ass der Meenung, dass dës Contributioun éischter als eng Steier ze betruechte wier, well si op der „capacité contributive accrue des producteurs résultant de la hausse des prix de l'électricité" berout. Ausserdeem ass de Staatsrot zur Konklusioun komm, dass d'Perceptioun vun dëser Contributioun vum Institut luxembourgeois de régulation, ILR, contraire zu dem Artikel 116 Paragraf 3 vun eiser Verfassung ass. Well et sech ëm en Impôt de l'État handelt, misst dës Contributioun vum Trésor public encaisséiert ginn.

Duerch d'Amendements gouvernementaux konnten d'Oppositiounen am complementairen Avis vum Staatsrot vu leschtem Joer gréisstendeels opgehuewe ginn, mat der Ausnam vun där Oppositioun betreffend dem Sanktiounsregimm, well d'Amendementer de Pouvoir vum Regulateur net genuch encadréiere géifen.

Duerch weider Upassungen iwwert déi parlamentaresch Amendementer konnt de Staatsrot och déi lescht Opposition formelle a sengem zweete complementairen Avis vum 19. Dezember d'lescht Joer ophiewen.

D'Handelskammer huet an hirem Avis recommandéiert, d'Obligatioun fir d'Produzenten, mensuel d'Donnéeë vun der Stroumproduktioun ze iwwermëttelen, opzehiewen a just fir d'Netzbedreiwer, dat heescht d'Gestionnaires de réseau, bäizebehalen, fir esou déi administrativ Belaaschtung ze reduzéieren. Zousätzlech huet d'Chambre de Commerce proposéiert, och déi mensuel Deklaratioun vun de stëndleche Präisser, de Prix-horairen, vun de Produzenten ze suppriméieren. An deem Fall sollen d'Quantitéite vun der agespeister Elektrizitéit op Basis vum mensuelle Präis, dee vun den däitschen Netzbedreiwer publizéiert gëtt, valoriséiert ginn, ausser de Produzent liwwert fräiwëlleg seng eegen Donnéeën. D'Chambre de Commerce fuerdert och, de Contestatiounsdelai vu 15 op 30 Deeg eropzesetzen, fir dass d'Produzente genuch Zäit hunn, fir hir Donnéeen ze consolidéieren a mat deene vum Reseausgestionnaire ze vergläichen.

An hirem complementairen Avis begréisst d'Chambre de Commerce, dass verschidde vun hire Remarken en compte geholl goufen, a si widderhëlt hir Fuerderunge vum éischten Avis, déi nach net ëmgesat gi sinn.

An hirem zweete complementairen Avis vun Oktober 2025 huet d'Handelskammer keng weider Remarken zum Fong vum Text gehat.

Dann nach d'Chambre des Salariés, déi an hirem Avis festgestallt huet, dass déi Recetten, déi viséiert sinn, déi sinn, déi aus der Exploitatioun vun de Stroumproduktiounsanlage stamen, deenen hir installéiert Leeschtung gläich oder méi héich wéi ee Megawatt ass an datt d'Produzente verflicht sinn, 90 % vun den excedentairë Recettë bäizedroen. Si begréisst ausdrécklech d'Virgoen, fir dës exceptionnel Recettë vun de Stroumproduzenten ze notzen, fir d'Consommateuren ze ënnerstëtzen, déi scho staark vun der genereller Hausse vun de Käschten duerch d'Inflatioun betraff waren. Dëse Mechanismus géif zu enger gerechter Ëmverdeelung bäidroen.

Fir weider Detailer zu eise parlamentareschen Aarbechte verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech géif heimadder och den Accord zu dësem Gesetzesprojet vun der Demokratescher Partei ginn.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Madamm Hartmann, fir Äre schrëftlechen an Äre mëndleche Rapport.

An deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Boonen. Här Boonen, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jeff Boonen** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll d'Zoustëmmung gi vun eiser Fraktioun fir dëse Projet, e Projet, dee weist, wéi Solidaritéit funktionéiert. An der Kris, an der Energiekris, ass vill gehollef gi bei de Konsumenten. An hei ass et awer och een Deel vun der Gesellschaft, nämlech d'Produzenten, déi wierklech do vun deenen héije Präisser profitéiert hunn. An dofir ass et richteg, dass een hei, mengen ech, en Ëmschichte mécht. Well et ass jo och an anere Fäll, wou mer de Produzenten hëllefen, wann d'Maartpräisser net erreecht ginn, iwwert de Mécanisme de compensation, dass se e gewëssene Präis hunn, fir dass hir Energieproduktioun ka rentabel funktionéieren.

Ech mengen, dat ass de wichtege Message vun dësem Projet, dee ganz spéit kënnt. D'Energiekris ass schonn dräi Joer ëm, mee mir setzen awer nach dat ëm, wat do soll ëmgesat ginn. An domat ginn ech den Accord vun der CSV.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Boonen. Elo huet den Här Georges Engel d'Wuert.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir ënnerstëtzen dëse Projet an dës europäesch Moossnam aus enger Logik vu Fairness an der Kris, well super Profitter um Stroummarché däerfen net an den Täsche vun de grousse Betriber verluer goen oder an hir Täsche goen, an dat op d'Käschte vun de Stéit a vun deene klenge Betriber. Si mussen zréck un d'Allgemengheet fléissen, esou wéi dat an dësem Gesetz hei wéinstens emol fir eng bestëmmte Period, vum 1. Dezember 2022 bis den 31. Dezember 2023, virgesinn ass.

An deem Aspekt seet jo och d'CSL explizitt: D'Iddi, d'Iwwerschossrecetten ze huelen, fir d'Stroumpräisser ze drécken, dat ass eng redistributiv Moossnam, déi primär d'Stéit entlaascht. An duerfir wäerte mir och dëse Projet hei matstëmmen. Et ass u sech en technesche Projet an awer och mat enger Visioun, wéi ee sech vläicht och an Zukunft kéint mat exzessive Profitter ausernanersetzen. E Projet, deen iwwregens och vum Claude Turmes deposéiert gouf. Ech wëll dat hei nach eng Kéier ernimmen.

Schlussendlech bleift d'Haaptléier hei eng Lektioun och hoffentlech fir d'Zukunft. Dëst war eng Noutbrems. Mee mir brauchen eng dauerhaft sozial gerecht Energiepolitick. Dat heescht konkreet: méi ëffentlech Investitiounen a geopolitesch onofhängeg erneierbar Energien, an d'Netz an och an d'Batteriespäicherstrategie, déi d'Regierung sech ginn huet, déi awer, mengen ech oder fannen ech mol, net esou richteg virugeet, op alle Fall net esou séier, wéi een dat misst maachen. Et gëtt hei och eng besser Protektioun dann zum Deel géint Präisschocken.

An ech wäert dofir och hei den Accord vun der LSAP ginn. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Engel. Den nächste Riedner ass den Här Tom Weidig. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Dëst EU-Reglement hat als Zil, fir d'Explosioun vun den Energiepräisser anzedämmen. Déi héich a virun allem onsécher an instabill Energiepräisser hunn 2022 d'Privatleit, mee och d'Wirtschaft an d'Industrie staark belaascht an et war schwéier ze plangen.

Mir sinn awer net averstan mat der Analys vun de Grénn an och wat fir Mesüre konkreet geholl gi sinn. Duerfir wäerte mir eis hei enthalen als ADR.

Dës Energiekris weist am Fong ganz gutt, datt mir schwéier strateegesch Feeler gemaach hunn an de leschten 30 Joer, duerch déi mir extreem ufälleg gi si fir extern Krisen. Mir si manner autark ginn a méi schwaach, an doduerch fille sech anerer méi staark.

Firwat sinn d'Präisser dann esou explodéiert 2022? Déi einfachst Äntwert ass: wéinst der russescher Invasioun vun der Ukrain an de Reaktiounen dorobber. Déi einfach Erklärung ass natierlech net falsch, mee si ass ze einfach. Si ass ze simplistesch. De wierkleche Grond, datt de Präis esou eskaléiert ass, ass eis falsch Energiepolitick, a virun allem déi däitsch Energiewende.

D'Nuklearzentrale sinn einfach gesprengt ginn. Dës Zentrale si fir Milliarden Euro opgebaut ginn an hätten nach joerzéngtelaang bëllegen a séchere Stroum geliwwert, an dat komplett onofhängeg vu Wand a Sonn, a mir wäre vill manner erpressbar gewiescht vun externen Energieliwwerante wéi Russland.

An ironescherweis wär doduerch och déi erneierbar Energie méi effikass ginn an der Kris, well d'Nuklearenergie kéint déi Dunkelflauten zu engem bestëmmten Deel mat opfänken, well se eng Grondlaascht fir de Reseau gëtt. Mee nee, Däitschland huet sech ofhängeg gemaach vum bëllege russesche Gas, och mam Motto „Frieden durch Handel". D'Resultat war awer éischter, datt d'Krichskeess vu Russland gutt gefëllt ginn ass.

Interessanterweis hat den Donald Trump a senger Ried 2018 virun der UN-Versammlung gesot: „Germany will become totally dependent on russian energy if it doesn't immediately change course." An do gouf hie vum fréieren däitschen Ausseminister Heiko Maas ausgelaacht.

Mir mussen einfach der Realitéit an d'A kucken: Wa mir als Europa staark wëlle sinn, da musse mir rational handelen a keng irrational Energiepolitick maachen. Et kann ee sech souguer d'Fro stellen, ob Russland d'Ukrain iwwerhaapt iwwerfall hätt, wann Europa méi energieautark a méi staark gewiescht wär.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Mee och d'Mesüre ...

**M. Gusty Graas** (DP) | Elo sinn d'Russen och nach déi Fein.

**M. Tom Weidig** (ADR) | ... vun dësem EU-Reglement weisen, datt mir an Europa déi falsch Approche hunn. Wien huet misse matbezuele fir d'Subventionéierung vun de Präisser? D'Energieliwweranten, déi Profitter gemaach hu vun den héijen Energiepräisser an och d'Produzente vu fossiller Energie.

A priori kléngt dat jo alles gutt, déi schlëmm kapitalistesch Profiteure vun der Nout vun de Leit. Mee d'Realitéit ass natierlech méi subtill. Firwat hunn déi Profitter gemaach? Well se eng Aart vun Energie produzéiert hunn, déi kriseséscher war an déi eis an Europa méi autark gemaach huet. D'Produzente vun Nuklearenergie, mee och vu Wandenergie hu profitéiert. Sollten déi dann net an enger fairer Wirtschaft duerfir mat Profitter belount ginn? Doduerch encouragéiere mir och dës Energiesecteuren, déi stabill waren an der Kris, sech weider auszebauen an nach méi effizient ze ginn, an datt Investore méi Suen an dës Industrie stiechen.

Elo si se am Fong geholl bestrooft ginn, fir dat Richtegt gemaach ze hunn. Woubäi sech d'EU-Kommissioun awer verrechent huet an déi Revenuen anscheinend vill méi niddreg ausfale sollen. Dat heescht, wa mir dëst Gesetz stëmmen, ass et och net genau kloer, wéi vill elo déi Firme bezuele mussen. An der Fiche financière zum Projet de loi steet just, wat et de Budget vum Staat kascht. Et wär dréngend noutwendeg, datt mer och an där Fiche vläicht och missten draschreiwen, wat e Gesetz fir en Impact huet op aner Leit.

Mir mussen an Europa manner ideologeschen Interventionismus maachen, wouduerch et zu Marchéverzerrunge kënnt, an doduerch ginn eis Ressourcë suboptimal verdeelt. Net déi politesch Klass weess am beschten, wat mir brauchen, mee de Marché selwer.

*(Interruptions)*

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, jo. A wësst Der, wien de Marché ass? De Marché, dat sinn déi Milliounen a Millioune vu Konsumenten a Produzenten, déi lokal wëssen, wat se brauchen a wat néideg ass, an datt si selwer kënnen Entscheedungen treffen. Dat ass richteg Demokratie.

Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Une autre voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Den Här Baum an den Här Emering wëllen Iech eng Fro stellen, Här Weidig. Sidd Der domat d'accord?

*(Assentiment)*

Ech ginn dem Här Baum fir d'éischt Wuert, duerno dem Här Emering.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Den Här Weidig huet elo grad probéiert, eis eng Lektioun ze erdeelen, wat de Marché ass a wéi de Marché funktionéiert, andeem en eng idealtypesch Versioun beschreift, déi et nach ni an der Geschicht ginn ass, datt ëmmer nëmmen d'Konsumenten de renge Marché géifen duerstellen. Duerfir wier meng Fro, ob den Här Weidig net géif mengen, de Marché wiere finalement déi Leit, déi d'Reegele vum Marché definéieren?

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Bon, also dat, wat ech als Éischt emol soen, ass, datt natierlech dat, wat am mannste gutt fonctionéiert huet vun alle wirtschaftleche Systemer, de sozialistesche System war.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Dat do war net meng Fro gewiescht.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Ech weess, datt do natierlech den Här Wagner da seet: „Nee, mir haten zwar schonn zéng verschidden esou Systemer, mee dat war kee richtege Sozialismus." An et geet jo hei net ...

*(Interruption par M. David Wagner et hilarité)*

An et geet hei jo och net ëm puere Kapitalismus. Et geet natierlech drëm, datt de Marché regléiert ass, datt do Reglementer sinn, Gesetzer an esou weider, mee datt mer awer innerhalb vum Marché net solle probéieren, ze vill zentralistesch virzegoen, well oft weess de Marché besser, wat um Terrain lass ass, wéi eng politesch Klass, wéi zum Beispill en Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Dir hutt mech bestätegt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, ech mengen, Dir gitt Iech elo net eens haut doriwwer, dofir ginn ech elo dem Här Emering d'Wuert. Här Emering.

**M. Luc Emering** (DP) | Merci, Här President. Bon, ech mengen, Dir hutt verschidde Saache gesot, déi elo net nei sinn, Här Weidig, dass d'Nuklearenergie eng kriseséscher Energie wier zum Beispill. Do mengen ech, datt mer alleguerten heibanne wëssen, dass et fachlech falsch ass, dass et keng kriseséscher ass.

Mee Dir hutt awer eppes gesot, wat ech besonnesch a Fro stellen. Dir hutt gesot: „Wa mer un der nuklearer Energie festhalen, entwéckelt sech déi erneierbar besser." Kënnt Der dat wannechgelift erklären? Well dat ergëtt fir mech wierklech guer kee Sënn.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Ok, dann erklären ech Iech dat.

**Une voix** | Awer kuerz!

**M. Tom Weidig** (ADR) | Dat ass am Fong geholl ganz einfach. Mir hu jo erneierbar Energie, Wandenergie, Sonnenenergie. Dat ass jo och ok. Mee de Problem ass, déi hu mer halt net stabill. Mir kënnen net all Dag genau déi selwecht produzéieren. An duerfir ass et ganz wichteg, datt mer en Energiemix hunn, datt mer och aner Energiequellen hunn, wéi zum Beispill Nuklearenergie. Well déi, déi gëlt als eng absolutt Grondlaascht, well an eiser Gesellschaft hu mer vill Firmen, déi brauche wierklech all Dag genau déi Energie. An duerfir ass et wichteg, datt d'Nuklearenergie eng Grondlaascht gëtt.

An da kann een natierlech och nach séier reagéiere mat anere Laaschten, wéi zum Beispill der Verbrennung vu Kuel oder och Gas. A wann een dee ganze Mix huet, da fonctionéiert dat ganz gutt. An dat ass iwwregens och dat, wat am Moment a China gemaach gëtt. Déi bauen déi erneierbar Energien, mee och déi nuklear aus. Dat heescht, d'Kombinatioun vun deenen zwee ass am Fong geholl warscheinlech dat Bescht.

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, merci, Här Weidig. An dann ass déi nächst ageschriwwe Riednerin d'Madamm Joëlle Welfring. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci fir d'Wuert. Mat all deenen alternative Fakte wollt ech awer nach mat zwou Saachen hei eng Kéier opraumen. Dat eent ass: Dir sot engersäits, et soll net autark ...

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift!

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | ... dass Europa net autark genuch wär. Dir plädéiert awer da fir eng Atomenergie, wou ech gär wéisst, wou Der den Uran da géingt hierhuelen hei an Europa ouni Drëttlänner, wou mer dann erëm ofhängeg wieren. Dat ass dat eent. An dat Zweet ass, dass och Atomenergie alles anescht wéi extreem verléisslech ass. Wann Der den Objet vum Gesetz gelies hätt, steet do ganz kloer dran, dass ee vun de Präisdreiwer eeben och war, well Atomkraaftwierker stëlllouchen, well net genuch Waasser do war, fir se ze killen. Also, do kann ee sech och nach drun erënneren, wann een e bësse gudde Wëllen huet, wéi dat war et deemools an deem Summer. Sou.

Elo gëtt et eng ganz Rei Saachen, déi ee misst soen no deem, wat ee sech hei huet missen unhéieren, mee ech wëll awer elo eigentlech op den Haaptsujet kommen, nämlech dat Gesetz hei, wat säit 2023 ënnerwee ass a wat och ganz wichteg ass, fir justement déi exzessiv Gewënner nees zréck an déi ëffenlech Hand ze ginn. No dräi Joer, mengen ech, ass et héich Zäit, dass mer dat heiten heimadder ëmsetzen, an ech wollt domadder och eisen Accord ginn. Voilà.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Welfring. Deen nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Et gëtt héich Zäit, dass dëst Gesetz kënnt. Wéi mer schonn e puermol gesot hunn, mat den héije Stroumpräisser hunn d'Leit immens vill Geld ausginn, an et waren herno d'Firmen, déi hir Benefisser gemaach hunn.

Iwwregens, alleguerten déi Atomfirmen, déi hei elo gelueft goufe virdru vun der ADR, dat si meeschtens déi, déi déi déckste Benefisser maachen ...

*(Interruption par M. Tom Weidig)*

... well d'Gesellschaft virdrun déi Wierker bezuelt huet. Wa se nämlech misste reell d'Käschte bezuelen, wär Atomkraaft bei wäitem dat Deierst. Dat heescht, wat Der hei zielt, ass e Märchen a mat der ADR géingen d'Leit vill méi héich Stroumpräisser bezuelen. Esou ass de Fakt. Mat Iech géing hei zu Lëtzebuerg jidderee méi héich Stroumpräisser bezuelen!

Wat awer elo hei net dran ass an deem Gesetz, an ech mengen, den Här Minister ka sech schonn denken, op wat ech wëll erauskommen, sinn déi, déi herno de Stroum verkafen. Hei si mer elo bei deenen, déi e produzéieren. Mäi Liblingsthema ass nach ëmmer d'Solarenergie hei zu Lëtzebuerg, wou awer och Gewënner erziilt ginn, déi fir eis net méi korrekt sinn. Dat sinn déi Gewënner, wou Dir fir Äre Solarstroum een, zwee Cent kritt, an dee gëtt dann un deen Nächste fir 16 Cent verkaaft. Natierlech, d'Reseauskäschte kommen nach eng Kéier als Supplement derbäi, well déi kritt deen Nächste jo och nach eng Kéier mat senge siwen Cent verrechent. E kritt natierlech déi dräi Cent an eppes Subsid vum Staat, mee trotzdeem bleift awer den Händler dertëscht nach ëmmer, deen dee grousse Profitt mécht, mol aacht, mol zéng, mol zwielef, et hänkt ëmmer dervun of, wéi e Stroumtariff Der hutt. Et si

verschidde Leit, déi hunn 20 Cent, anerer 16 Cent, anerer 14 Cent.

An do musse mer awer och eng Kéier upaken, wa mer wëllen déi Transitioun hunn. An den ekologesche Stroum, ob dat Solar oder Wand ass, ass awer d'Zukunft. A wa mer wëllen d'Leit mat an d'Boot huelen, musse mer higoen an hinnen och e korrekte Präis ubidde fir dee Stroum, dee se produzéieren. Hei gi mer elo hin a mir weisen emol endlech déi grouss Firmen an d'Schranken, déi Millioune Benefisser gemaach hunn op Käschte vun der Gesellschaft. Mee mir mussen awer och eng Kéier fir déi, déi sech fir d'Gesellschaft engagéieren am Privaten, en Ureiz schafen, fir dass déi kënnen herno och mat hire Solaranlagen e korrekte Präis kréien.

Déi lescht Kéier hat de Minister mer geäntwert: „Jo, mee d'Hallschent huet de Staat jo bezuelt." Mee dat ass keen Argument, well de Staat, dat ass jo nach ëmmer d'Allgemengheet, déi herno de Betriber bezilt, well déi Differenz vun zwee op 16 oder 18 Cent, déi geet jo reng an d'Täsch vun enger ..., ech soen elo keen Numm, mee Dir wësst, wien zu Lëtzebuerg de Stroum handelt. Déi geet jo reng doranner. A virdrun ass et awer de Steierzueler, deen d'Solaranlag mat deene 50 % subventionéiert huet.

Dat heescht, et ass keen Argument fir ze soen, well de Steierzueler dat kritt, dass herno deen anere ka vill méi bëlleg dee Stroum akafen, zu zwee oder dräi Cent. Well wann déi selwecht Firmen, an do komme mer erëm zréck bei de Produzent, dat dote géingen um Marché akafen, géinge se et fir sechs, siwen Cent – et hänkt ëmmer vum Spotpräis natierlech of, dee mer grad hunn – kafen. Dat heescht, hei sinn dann déi Privatleit gelackmeiert. Also dat ass en Ureiz, deen ech matbréngen, fir vläicht mol eng Kéier driwwer ze diskutéieren, wann d'Händler de Stroum vu Privatleit immens bëlleg akafen, ob mer net och do e Gesetz an Zukunft brauchen, fir d'Privatleit ze schützen.

Also, dëst Gesetz wäerte mer ganz gäre matstëmmen, well d'Stroumpräisser waren ze héich, et sinn ze vill Firmen, déi profitéiert hunn, an hei gitt Der de richtege Wee.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Tom Weidig** (ADR) | Ech wollt eng Fro stellen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Den Här Weidig wëllt Iech eng Fro stellen, Här Goergen. Sidd Der d'accord?

*(Assentiment)*

Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, Dir hutt gesot, datt d'Nukleareenergie esou deier wär. Dat ass, wann een nei Nuklearzentrale baut. Dann ass de Käschtepunkt wichteg. Mee an Däitschland ass jo genau de Géigendeel passéiert. Do si Milliarden a Milliarden Investitioune vu Steierzueler ... Déi Infrastrukture stoungen, an do ass alles zerstéiert ginn. Duerfir ass meng Fro: Hätt Dir dann och déi Nuklearzentralen zerstéiert an domat Milliarden a Milliarde vun Investitioune vun de Steierzueler och zerstéiert?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech mengen, dat doten ass jo dat Märchen, wat Der schonn e puermol hei gezielt hutt, well Dir ëmmer den Istzustand huelt vun deenen Zentralen an Däitschland, wéi se deemools waren. Déi Zentrale waren awer a sech um Enn vun hirem Liewen ukomm. Dat heescht, wann Der déi hätt wëllen ofsécheren, an ech mengen, Dir wëllt jo och keen Accident an enger Atomzentral, hätt Der quasi nach eng Kéier missen esou vill investéiere wéi bei enger neier. An da wär de Stroumpräis, déi Produktioun natierlech vill méi deier ginn.

Dir gitt ëmmer ganz wäit zréck kucken. Deemools waren et nämlech och d'Steierzueler, déi déi ganz Wierker mat finanzéiert hunn. Dat däerf een net vergiessen. Dat ass net agerechent ginn an dee Stroumpräis. Wann een awer elo d'Renovatioun gemaach hätt, fir dat erëm sécherzestellen, wär den Atom vill méi deier ginn.

Déi Kraaftwierker, déi elo ofgerappt gi sinn, dat waren aler. Ech sinn och der Meenung, dass déi, déi an der Belsch direkt hei op der Grenz stinn, an déi, déi a Frankräich sinn, och ze al sinn an dass déi och missten ofgerappt ginn. Ech weess, d'ADR bréngt weiderhi gär eis Bevëlkerung a Gefor an hält déi Atomkraaftwierker bäi.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. An dann huet den Här David Wagner d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Wat elo interessant ass bei dësem Projet de loi, dat ass u sech, datt et jo esou ass, datt déi erneierbar Energië méi stabel Produktiounskäschten hunn, déi och méi bëlleg sinn, datt si manner de Schwankungen ausgesat sinn an der aktueller Situatioun, vu datt de Stroumpräis jo ugebonne gëtt un de Gaspräis, nom System vum Meritorder, also deem am mannsten effiziente Präis, deen awer trotzdeem nach rentabel ass.

En gros heescht dat, datt u sech schlussendlech de Stroumpräis, och dee vun deem, dee vun erneierbaren Energië produzéiert gouf, an deem Sënn méi bëlleg ass, well et net déi Schwankung gouf vum Gaspräis, deen eropgaangen ass, excedentaire, also vill Benefisser gemaach huet. An dat gëtt dann elo imposéiert, fir herno déi Präisser, déi iwwerdriwwe Präisser, kënnen ze kompenséieren, fir datt d'Stéit manner bezuelen.

Et seet esou vill aus iwwer esou vill falsch Funktionementer vun engem ekonomesche System a vum Energiemaart, dee jo u sech an der internationaler Konkurrenz, also der europäescher Konkurrenz, ass a wou u sech schlussendlech awer musse Profitter vu private Gesellschaften assuréiert ginn iwwer eng Hellewull vu Gesetzer, Reglementer a Steieren, déi mer mussen aféieren, well de fräie Maart u sech net funktionéiert.

U sech komme mer indirekt an dat, wat ... Do kréien zemools déi vun der DP ..., deene geet et ëmmer ganz schlecht. Mee u sech si mer an enger Aart Planwirtschaft. Indirekt ass et eng Form vu Planwirtschaft, déi just awer dofir assuréiert, datt Privatgesellschafte kënnen hir Profitter maachen, andeems awer iwwer Reglementer a Steiergelder dat kompenséiert gëtt, fir datt d'Stéit, d'Leit, awer nach iwwert d'Ronne kënne kommen. Also, et ass immens interessant. Dat heescht awer net, datt mir dee Projet de loi net wäerten ënnerstëtzen. Mee dat seet immens vill aus.

Et gëtt iwwer erneierbar Energië geschwat, déi vill méi stabel sinn. Ganz oft huet een d'Solarenergie am Kapp, et huet een de Wand, d'Eoliennen, am Kapp. Mee et ass vill méi: Et ass och d'Waasser, et ass och d'Biomass, dat ass Reschtholz, dat ass den Offall vun der Industrie, vun de Gemengen, dat ass de Biogas, dat ass de Gas, deen aus de Kläranlage kënnt et cetera. Dat kéint och Geothermie sinn, déi jo e bësse méi komplizéiert an och e bësse méi geféierlech ass deemno wéi, mee awer net auszeschléissen ass. Also, et ass eng ganz Hellewull vun erneierbaren Energien, déi et gëtt, déi ee muss weiderhin ausbauen. Mat all deem kann ee Stroum maachen.

U sech kann een dann eebe soen, datt een erneierbar Energië ka kontrolléieren. Si si stabel. Si hunn am Prinzipp e stabele Käschtepunkt, aneschters wéi de Gaspräis, wéi de Stroum, dee vum Gas kënnt, deen u sech gréissere Schwankungen ausgeliwwert ass.

Atomenergie ass, wéi dat scho ganz oft gesot gouf, eppes Riseges, wat ouni grouss Investissementer vun der ëffentlecher Hand net ka funktionéieren. Dat heescht, wann zwar um Enn d'Atomenergie vläicht esou ausgesäit, wéi wa se méi bëlleg wier, huet se de Steierzueler immens vill kascht. An trotzdeem hu mer nach ëmmer e gréissere Sécherheetsproblem, dee sech stellt, dee sech bei erneierbaren Energien net esou stellt.

Wat kënne mer aus deene Saachen duerno schléissen? Dat ass, datt een erneierbar Energië weiderhi muss ausbauen. Net nëmme well se méi propper sinn, mee och well se méi stabel sinn an och well se besser sinn, wat d'Käschten ugeet. An dat geet natierlech net vun haut op muer. Dat si grouss Operatiounen, grouss Investissementer, déi ee muss maachen. An dat heescht och, datt een transitoresch Periode mécht, datt een nach deemno wéi op Fossill muss zréckgräifen an op Atomenergie muss zréckgräifen, do, wou et dat gëtt.

Well a Frankräich, do maache si sech vill Iwwerleeungen, och Ekologisten, an och eis Kolleege vun der France insoumise d'ailleurs. Déi hunn e ganze Programm, fir ze soen: „Mir mussen aus der Atomenergie erauskommen, well et geféierlech ass. A lues a lues investéiere mer all dat Wëssen an déi Suen, déi mer an d'Atomenergie investéieren, an d'erneierbar Energien, an deenen hiren Developpement, fir an déi Richtung do ze goen, well dat ass d'Zukunft."

D'Chineese ginn e bëssen dee selwechte Wee u sech, just datt si villes mussen nohuelen als eeëmolegt ënnerentwéckelt Land. Dat ass de Problem.

Mee d'Zukunft, dat sinn u sech d'erneierbar Energien. An dat geet och just nëmme mat massiven ëffentlechen Investissementer. Wéi gesot, de sougenannte „fräie Marché vum Stroum", dee funktionéiert net. Dee funktionéiert net, well bei der klengster Schwankung, majo, da missten u sech d'Biergerinnen an d'Bierger vill méi bezuelen. An da geet et net aneschters, wéi datt mir mat Bremsen, mat Subventiounen et cetera, also och mat Steiergelder, mussen intervenéieren, well soss géifen d'Leit net iwwert d'Ronne kommen.

An da gëtt et nach vill aner Systemer, déi ee muss entwéckelen. Mir plädéieren zënter Joren derfir, datt een och d'Stroumpräisser staffelt, sozial staffelt. Et gëtt nach aner Saachen, déi ee ka maachen op interregionalem oder kommunalem Niveau, wou ee verschidde Produzente vun erneierbaren Energië kann zesummenhuelen. An do kann een och Präisser festleeën, déi bei Wäitem ënnert dem Maartpräis sinn. Dat sinn alles Saachen, déi zum Deel och lafen, mee déi muss ee weiderhin ënnerstëtzen. Also: Ëffentlech a sozial staffelen an erneierbar Energien, dat ass d'Zukunft.

Merci.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. An domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner dann ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Energieminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Merci villmools och fir déi breet Zoustëmmung. Ech mengen, dass et e Projet ass, deen eebe grad weist, a wéi enger spezieller Situatioun mer zu deem

Moment waren. A wa mer alleguerten hei esou wäit ausgeholl hunn, fir am Fong d'Systemer ze erklären an ze kucken, wéi déi eenzel Saache fonctionéieren, weist dat och nach eng Kéier, dass et eng speziell Situatioun war, mat Präisser, déi normalerweis bei 50 Euro d'Megawattstonn leien, dunn op iwwer 1.000 Euro d'Megawattstonn gaange sinn.

Ech fanne just deen Debat, deen hei gefouert gëtt iwwert d'Nuklearenergie scho bal e bësse caricatural oder witzeg, well eebe grad d'Nuklearenergie hei mat dozou gefouert huet, dass mer esou deier Präisser haten. An et ass einfach eng Ligen, hei ze soen, dass dat net de Fall ass, well mir hate Korrosioun ...

**M. Tom Weidig** (ADR) | Lige mécht den Här Meisch an den Här Gloden!

**Plusieurs voix** | O!

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift, Här Weidig!

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Dat do geet zwar guer net!

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Dat do war eng ganz appropriéiert Remark vun Iech, déi just ...

*(Interruption par M. Tom Weidig)*

O, wann Dir elo hei esou ...

**M. Claude Wiseler,** Président | De Minister huet d'Wuert!

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Nuklear: Zu deem Moment, wou de Problem war, dass d'Energiepräisser an d'Luucht gaange sinn, war et haaptsächlech gedriwwen duerch de Gas, woumat dann eeben alleguerten d'Gasturbinnen, déi Stroum verbrauchen, immens deiere Stroum produzéiert hunn, well de Gas immens deier war.

Parallell dozou hate mer ganz grouss Korrosiounsproblemer a Frankräich bei Nuklearreakteren, déi net gelaf sinn. A gleeft mer, ech selwer wunnen zu Mondorf: Ech hu gesinn, dass déi véier Tierm vu Cattenom, déi normalerweis dämpen, net gedämpt hunn, well nämlech Korrosiounsproblemer waren an net genuch Techniker do waren, déi der Stralung ausgesat konnte ginn, wa se intervenéiert sinn um Reakter. Dat ass d'Realitéit, déi dann och mat sech bruecht huet, dass se eebe grad nach eng Kéier gewisen huet, wéi ofhängeg mer kënne si vun dem Nuklearen.

Wann ech dann awer héieren, dass d'Nuklearenergie och nach vill méi bëlleg ass wéi alleguerten déi aner, ouni awer dann de Fakt eranzehuelen, wéi e grad och erkläert ginn ass vum Här Goergen, dass eng Zentral bauen immens deier ass, dass déi ganz Recherche souwisou iwwer ëffentlech Gelder matgedroe gëtt, dass dat net mat an d'Rechnung geholl gëtt, an da gesot gëtt: „Ma da musse mer déi al Reaktere lafe loossen" – ma déi heite Regierung ass ganz kloer géint eng Verlängerung vu Cattenom, géint eng Verlängerung vun engem ale Reakter, well mer eis ganz substanziell Froen iwwert d'Sécherheet stellen! An ech fannen et awer speziell, dass hei d'ADR also nach eng Kéier ënnersträicht, dass se fir d'Weidererhale vu Cattenom ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Lex Delles,** Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Dat ass dann awer och en Deel vun der Wourecht.

D'Batteriestrategie ass ugeschwat ginn. Jo, ech ginn Iech vollkomme Recht, Här Engel, an et ass wichteg, dass mer hei d'Batteriestrategie zu Lëtzebuerg och weidermaachen, well dat och e weidert Puzzlestéck vun den erneierbaren Energien ass, fir se kënnen ze späicheren a se och kënnen dann nach méi ze gebrauchen, wa mer se och wierklech brauchen, net wa mer den Iwwerschoss am Netz hunn, mee se da kënnen ze huelen.

Op déi Fro, déi gestallt ginn ass zu deene verschiddene Méiglechkeeten, wéi ech e Subsid ka kréie fir meng Fotovoltaik doheem: Éischtens emol, wann ech e Subsid kréien, deen elo iwwer Prefinanzement méiglech ass, wou déi éischt Dossieren och dobanne sinn. Déi éischt Dossiere si bannent dräi Deeg ausbezuelt ginn un d'Betriber. Wat een da gesäit, ass, dass een de Choix huet: Entweeder ech kréie 50 % oder méi Subsid fir meng Anlag an dann huelen ech et fir d'Autoconsommatioun oder ech huelen de Subsid net an ech ginn an en anere System, wou ech e festen Aspeistariff kréien. Da kréien ech eebe grad dat, wat Der gefrot hutt, méi en héijen Aspeistariff, mee da sinn ech net an der Eegeproduktioun.

D'Äntwert am Fong op déi Fro, déi Der gestallt hutt, ass, dass ee muss méi dohinner goen, wann ech eng eege Produktiounsanlag hunn, déi Iwwerproduktiounen huet, dass ech an eng Energiecommunautéit eraginn a vläicht mat mengem Noper deelen, deen et sech net ..., dee vläicht en Daach huet, dee keng Solaranlag huet, fir dass dee kann de Stroum huelen. Dat ass éischtens emol dénglech fir de Reseau, well mer dann de Reseau manner mussen ausbauen, zweetens dénglech fir de Präis, deen Der selwer kritt, an drëttens dénglech fir Ären Noper. Dee kritt nämlech dann och méi e bëllege Präis, wéi en dat kann hunn. Dat ass am Fong d'Energiecommunautéit, déi do de wichtege Punkt ass.

Ech mengen awer trotzdeem hei ... An ech hoffen, dass et déi leschte Kéier ass, dass mer iwwer esou e Projet hei mussen ofstëmmen, well et war eng komplett dereguléiert Situatioun, wou eebe grad eng Wandanlag ganz héich Präisser kritt huet oder Waasser ganz héich Aspeispräisser kritt huet, obwuel initialement den Invest net méi héich war an et dann och hei fair ass, fir kënnen deen Transfert ze maachen. Et ass och Zäit, dass et elo eriwwer ass, well mir mussen eis hei net ëmmer erëm un déi ganz schwéier Zäite vun der Energiekris erënneren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Ech hunn nach eng Fro vun dem Här Weidig. Ass et eng Fro oder e Kommentar? Oder e Fait personnel?

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo.

**M. Claude Wiseler,** Président | Wat genau?

*(Interruptions)*

Parole après ministre?

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, e Fait personnel.

**M. Claude Wiseler,** Président | Fait personnel.

*(Interruption)*

Dach, Dir hutt ... Hie ka Rektifikatioune maachen zu politeschen Aussoen.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, also, dat Éischt, wat ech wëll soen, ass, wéi mer schonn esou oft gesot hunn: Mir si weeder pro nach kontra Atomenergie, sondern mir wëllen eng rational Energiepolitick an datt mer alles fair kucken. A mir sinn och selbstverständlech derfir, datt all d'Atomzentralen déi héchste Sécherheetsstandarden hunn.

An de Minister huet och gesot, wärend der Kris wäre Problemer gewiescht an de franséischen Nuklearzentralen. Jo, déi Produktioun, déi ass erofgaangen. A firwat ass se erofgaangen? Well nämlech déi lescht 20, 30 Joer laang wéinst all deem gréngideologeschen Drock net déi néideg Investitioune gemaach gi sinn.

*(Brouhaha)*

An duerfir war dee Problem do. Dat war nees eng Kéier duerch falschen, irrationalen, gréngideologeschen Drock.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou! Merci, Här Weidig. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Dossier ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8175 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8175[10].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8175 et dispense du second vote constitutionnel***

An d'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, 5 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 7. 8610 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant la mise à disposition sur le marché d'équipements radioélectriques

Mir kommen zum nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8610, dem Ëmsetze vun enger EU-Direktiv iwwer Funkanlagen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeleeücht, deem selwechte wéi virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Claude Haagen, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de